



**1664** - Demande de pétition publique : Déduction des loyers d'habitation aux impôts

Dépôt : Herlander Jorge Godinho Neto Da Costa, le 29.07.2020

**1665** - Demande de pétition publique : Pour l'autorisation du traitement Hydroxychloroquine/azithromicine/zinc contre le coronavirus. Lever son interdiction pour laisser aux professionnels de la santé une variété de traitements / Autorisation pour le traitement Hydroxychloroquine/azithromicine/zinc zu Lëtzebuerg och ze benotzen

Dépôt : Elisabeth Mimran, le 31.07.2020

**1666** - Demande de pétition publique : Valorisation du statut de femme/homme au foyer sur la base d'une rémunération étatique et d'un certificat de travail

Dépôt : Majida Ait Zakhar, le 04.08.2020

**1667** - Demande de pétition publique : Verbot von „Schottergärten“ (aka Steinwüsten)

Dépôt : Jerry Ludig, le 05.08.2020

**1668** - Demande de pétition publique : Förderung von kleinen Plug-in-Photovoltaik-(Solar)-Anlagen, indem die eingespeiste Energie gutgeschrieben wird / Promotion de petits systèmes photovoltaïques (solaires) plug-in en créditant l'énergie injectée dans le réseau

Dépôt : Michel Kohl, le 07.08.2020

**1669** - Demande de pétition publique : Die Krankenkasse sollte dazu verpflichtet werden, die Kosten von ambulanten Psychotherapien teils zu übernehmen

Dépôt : Maurine Weimerskirch, le 08.08.2020

**1670** - Demande de pétition publique : Levée des restrictions d'entrée au Luxembourg pour les couples non mariés, permettre aux couples non mariés de se retrouver

Dépôt : Ramon Xavier Santos, le 09.08.2020

**1671** - Demande de pétition publique : Umbenennung des luxemburgischen Fußballstadions in „Stadion Ali Ruckert“

Dépôt : Joe Mersch, le 11.08.2020

**1672** - Demande de pétition publique : Pour un retour des heures de fermetures d'avant la crise du Covid-19

Dépôt : Clément Elie, le 12.08.2020

**1673** - Demande de pétition publique : Rajout d'une banquette rabattable murale dans toutes les toilettes pour personnes handicapées qui disposent d'assez de place pour les besoins spécifiques pour les personnes qui nécessitent de se faire changer une couche

Dépôt : Fernand Boria, le 13.08.2020

**1674** - Demande de pétition publique : Abrogation voire revue d'une loi concernant la mise en pension d'invalidité prématurée

Dépôt : Andréa Havenne, le 15.08.2020

**1675** - Demande de pétition publique : Campagne nationale pour signaler que si quelqu'un dans la rue est dans une situation de détresse il faut appeler de l'aide et la définition de détresse

Dépôt : Claire Gutenkauf, le 16.08.2020

**1676** - Demande de pétition publique : Déi nei Organisatioun vun de Maisons médicales permanent bäibehalen / Maintenir de manière permanente la nouvelle organisation des maisons médicales

Dépôt : Steven Curfs, le 24.08.2020

**1677** - Demande de pétition publique : Senkung vun der TVA vu 17 % op 15 % bis den 01/01/2024 aus ekonomesche Grënn (Covid/Lockdown ...) / Réduction de la TVA de 17 % à 15 % pour des raisons économiques (Covid/lockdown...) jusqu'au 01/01/2024

Dépôt : Paul De Jager, le 25.08.2020

**1678** - Demande de pétition publique : Contournement de Mersch à 90 km/h sur l'A7

Dépôt : Nathalie Vaimbois, le 01.09.2020

**1679** - Demande de pétition publique : Loi améliorant la protection des locataires et des acquéreurs de lots de copropriété

Dépôt : Mondher Ghazel, le 08.09.2020

**1680** - Demande de pétition publique : Zréck op den alen Adapto-System / Retour à l'ancien système Adapto / Kehren Sie zum alten Adapto-System zurück

Dépôt : Barbara Turra Cruz, le 10.09.2020

**1681** - Demande de pétition publique : Demande d'une dérogation exceptionnelle pour l'obtention de l'aide au réemploi systématique, même si celle-ci a déjà été octroyée une première fois, pour les plus de 50/55 ans suite à la crise actuelle due au Covid-19

Dépôt : Claude Homeroski, le 15.09.2020

**1682** - Demande de pétition publique : Rendre piétonnière la place de la gare à Luxembourg

Dépôt : Laurent Terrassier, le 16.09.2020

**1683** - Demande de pétition publique : Accueil des réfugiés et immigration illégale - dépenses de l'État luxembourgeois

Dépôt : Gustavo Strassener, le 17.09.2020

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

## 3. 7633 - Proposition de loi relative à l'interdiction du placement en rétention des personnes mineures et modifiant :

**1. la loi du 18 décembre 2015 relative à l'accueil des demandeurs de protection internationale et de protection temporaire ;**

**2. la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration ; et**

**3. la loi du 28 mai 2009 portant création et organisation du Centre de rétention**

### Déclaration de recevabilité

An hirer Reunion vum 17. September 2020 huet sech d'Präsidentekonferenz fir d'Recevabilité vum enger Proposition de loi ausgeschwat. Et handelt sech ëm d'Proposition de loi 7633 iwwert de Verbuet vum Aspäre vu Flüchtlingskanner, déi de 16. Juli 2020 vun den Häre Marc Baum an David Wagner deponéiert gouf.

Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Präsidentekonferenz un, d'Proposition de loi 7633 als recevabel ze erklären?

### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

**(La proposition de loi n° 7633 est renvoyée à la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile.)**

## 4. Changements de composition de commissions parlementaires

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen ubelaangt, hunn ech follgend Ofännerunge vun der LSAP-Fraktioun matgedeelt kritt, déi all den 1. Oktober 2020 a Kraaft triede sollen:

An der Commission de la Santé et des Sports ersetzt d'Madamm Cécile Hemmen den Här Claude Haagen.

An der Commission de la Mobilité et des Travaux publics ersetzt d'Madamm Cécile Hemmen den Här Yves Cruchten.

An der Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense iwwerhëlt d'Madamm Lydia Mutsch de Volet „Défense“ vun der Madamm Cécile Hemmen a gëtt deemno volle Member.

Ass d'Chamber mat dësen Ännerungen averstanen?

### (Assentiment)

## 5. Ordre du jour

Den Ordre du jour, esou wéi d'Présidentekonferenz e virschlëit, ass lech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

D'Madamm Hansen freet d'Wuert.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President. Ech mengen, hei geet de Mikro net. Da schwätzen ech e bësse méi haart.

Ech wollt just soen, datt meng Kollege Gilles Roth a Laurent Mosar jeeweils wëllen eng Motioun deposéieren. An ech wëilt och froen, well ech eng Question parlementaire gestallt hunn, eng Question urgente - d'Urgence ass ugehall ginn -, ob ech déi och elo kéint stellen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wat d'Question urgente Nummer 2875 ubelaangt, huet de President déi Fro als recevabel erkläert an och als urgent erkläert. An den Här Minister Franz Fayot ass an der Chamber, fir dann direkt, wa mer d'Formalitéiten erleedegt hunn, op déi Fro ze äntwerten.

Mir kéinten dann direkt mat der Question urgente ufänken.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Nee, ech wollt ...

### (Problème de sonorisation)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Duerno?

► **Une voix**.- Den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Kartheiser kritt nach vläicht fir d'éischt d'Wuert, well ech mengen, deen huet dann och eng Question parlementaire zu deem selwechte Sujet, esou wéi ech de Gast an de Laurent elo hei héieren hu schwätzen. Dat heescht, da kënne mer déi zwou Froe cumuléieren.

Ass dat esou, Här Kartheiser?

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Dir hutt ganz Recht! Ech hat effektiv och eng Question urgente erageschéckt. An ech mengen, wa mer mat deenen ufänken, da wier ech frou, wa mer déi zwou gläich kéinte mateneen huelen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Dat géife mer dann esou maachen, Här Kartheiser.

## 6. Question urgente n° 2875 de M. Claude Wiseler, Mme Martine Hansen et M. Laurent Mosar concernant l'abandon du projet FAGE

### Question urgente n° 2876 de M. Fernand Kartheiser concernant l'abandon du projet FAGE

Fir d'éischt géife mer dann awer ufänke mat der Fro vun der CSV-Fraktioun. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President. Déi lescht Woch hate mer eng Commission jointe, déi mer gefrot haten iwwert den Dossier FAGE, well mer u sech als CSV der Meinung sinn, datt dëse Projet net hei op Lëtzebuerg passt. A mir hunn du gesot gehat, d'Regierung huet sech selwer an eng Sakgaass manövréiert, well se dës Firma u sech de rouden Tapis ausgerullt huet - aner Betriber géife sech dat och wënschen -, an op där anerer Säit soe se selwer, et wär e relativ grouse Ressourceverbrauch an et wär net Rifkin-konform.

Wou d'Logik do ass, dat hu mer nach net richtig verstane!

Zousätzlech hunn ech mat mengem Kolleg Laurent Mosar, well eis bei där Firma net alles kauscher geschéngt huet, den Dossier weider un de Parquet ginn, dee jo och elo suivéiert gëtt.

Elo stellt sech d'Fro, wa mer d'Press kucken a lauschteren: Huet FAGE elo d'Noutbrems gezunn, eeben esou, wéi et an der Press steet? Huet se de Projet zréckgezunn? Huet se der Regierung u sech elo gehollef, aus dës Sakgaass erauszekommen?

Kann den Här Minister eis dës Informatiounen confirméieren? Wat kouw bei deene Verhandlungen zur Sprooch? Huet déi betraffe Firma och Grënn genannt, fir dat Ganz zréckzezéien? Wa jo, wéi eng Grënn? A wat gëtt elo aus deenen Terrainen, déi de Staat jo awer verkaaft huet un dës Firma? Plang de Staat, d'Terrainen zréckzekafen, an zu wéi engem Präis?

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Hansen. An da géif ech dem Här Fernand Kartheiser d'Wuert ginn.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et wäert lech net wonneren, datt eis Question urgente ëm dee selwechte Sujet geet wéi deen, deen d'Madamm Hansen elo ugeschwat huet. Mir hunn eis natierlech och déi Fro gestallt, wéi mer an der Mëttesstonn d'Pressemeldunge kritt hunn. An der Tëschenzäit hunn ech allerdéngs gesinn, datt den Här Fayot ... Eis éischt Fro war: „Stëmmt dat?“ Den Här Fayot huet dat an der Tëschenzäit confirméiert.

Déi zweet Fro ass den Industrierterrain. Déi huet d'Madamm Hansen och gestallt. Déi Fro stelle mir natierlech och. Ass deen Terrain zréckkaaft ginn? Oder gëtt en zréckkaaft? Wa jo, zu wéi engem Präis?

An dann ass et natierlech ganz wichteg, fir eis d'Fro ze stellen - mir hu jo net esou vill Industrierterrainen zu Lëtzebuerg -: Huet d'Regierung dann elo e Konzept, wat soll mat deem Terrain geschéien?

Ech hu gesinn, datt den Här Fayot an der Press gesot huet, dat wär e Projet gewiescht, deen technologesch an ëmwelttechnesch op der Héicht vun der Zäit gewiescht wär. Esou gëtt en zitéiert. Dir erlaabt, Här Fayot, datt mir do eng ganz aner Meinung vertrieeden. Mir denken, datt e weeder technologesch nach ëmwelttechnesch op der Héicht vun der Zäit gewiescht wär.

Wat awer op der Héicht vun der Zäit ass, dat ass, datt mer d'Léieren zéien aus der Covidkris. A wat hu mer do gesinn? Ma datt eng ganz Rei Industrien hei delokaliséiert goufen aus Europa. Déi sinn elo a China. An et ass eeben déi Fro: Wat kënne mer an Europa an och zu Lëtzebuerg relokaliséieren vun Industrien, déi mer hei

batter néideg brauchen? Ech denken un d'pharmazeutesch Industrie, ech denken un d'Elektronikindustrie.

An huet d'Regierung e Konzept, fir déi Zonen esou ze benotzen, wéi et wierklech op der Héicht vun der Zäit ass? Dat heescht, fir déi Lacunnen, déi mer festgestallt hunn an deene leschte Méint, wat eis an Europa feelt, a fir elo vläicht esou Terrainen ze huelen, fir se esou ze valoriséieren, datt mer wierklech och an enger Krisesituatioun eng Plus-value kënnen hunn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Vlächtnach, Här President, eng allerlescht Bemierkung, déi awer och interessant ass.

Ech hu gesinn an der Press, datt den Här Fayot déi Decisioun bedauert huet vu FAGE. Dat huet eis verwonnert. An ech wollt e just froen, ob dat e perséinlecht Bedauere war oder e Bedauern am Numm vun der ganzer Regierung.

Villmools merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser. Da géif ech d'Wuert un den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot ginn, net ouni him awer eng Kéier en ausdréckleche Merci auszusprechen, datt en esou kuerzfristig bereet war, fir an d'Chamber ze kommen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*.- Merci, Här President. Ech kann effektiv confirméieren, dass mer de Freiden am Nomëtten e Bréif krute vu FAGE, wou déi eis matgedeelt hunn, dass se sech vum Projet géifen zréckzéien, wou se och e gewëssene Regret expriméiert hu fir déi Decisioun, well se effektiv véier Joer laang investéiert hunn an dee Projet. Si hu véier Joer laang probéiert, fir hei zu Lëtzebuerg eng Jugurtsfabrick - jo, um leschte Stand vun der Technologie - ze bauen, fir hir Clienten an Nordeuropa ze zerwéieren.

Ech hunn dorobberhi FAGE invitéiert op de Ministère fir gëschter Moien. Dat heescht, mir hate gëschter, de Méindegmoien, eng Reunion mat hinnen, déi ech ugefrot hunn, wou dunn déi Responsabel vu FAGE nach eng Kéier confirméiert hunn, dass se dee Projet géifen zréckzéien. Op Nofro vu mir, ob dat eng irrevocabel Decisioun wär, hu se dat bestätegt.

Si hunn, wéi gesot, a guddem Wëlle probéiert während véier Joer, hei eng Jugurtsfabrick ze implantéieren, déi um leschte Stand vun der Technologie gewiescht wär. Dee Projet huet evoluéiert während deene véier Joer. En ass souwuel wat de Waasserverbrauch ugeet, wat och d'Behandlung vum Ofwaasser ugeet, d'Temperatur, wouriwwer jo och vill geschwat ginn ass, besser ginn. Et sollt och eng Kläranlag gebaut ginn am Kader vun deem Projet. Dat huet de Projet natierlech och alles méi deier gemaach, manner ekonomesch rentabel fir FAGE, mee si hunn dat gemaach. Ech mengen, et kann een effektiv soen, dass fir eng Jugurtsfabrick hei den Impakt op d'Ëmwelt esou kleng wéi méiglech gewiescht wär.

FAGE huet mer matgedeelt, dass insbesonnesch opgrond vun deene sëllege Diskussiounen an deene leschte Méint, déi jo besonnesch intensiv waren iwwert déi lescht Wochen, a fir weidere Reputatiounsschued vun hirer Entreprise ofzehalen, se decidéiert hunn, dëse Projet zu Lëtzebuerg net méi weiderzedriewen.

Mir war et wichteg, hei elo ganz schnell op en Accord amiable ze komme mat FAGE a mat hirem Management, a virun allem och, wat den Terrain ugeet.

De Moien hu mer e Compromis ënnerschrifwe mat FAGE, fir den Terrain zréckzekafen. Den Terrain gëtt zréckkaaft um Prix d'acquisition. Et ass also eng Operatioun, déi neutral ass fir d'Staatsfinanzen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie*.- Deen Terrain gëtt wéi gesot zum Kafpräis vun 20.000 Euro den Ar zréckkaaft.

Här Kartheiser, mir hu vill Energie a vill gudde Wëllen, mee ech bréngen et net fäerdege, mat allem gudde Wëllen, an zwee Deeg e Remplacementskonzept ze fanne fir deen Terrain. Ech hoffen, dass Der dat verstitt. Dat gesot, ass et natierlech awer esou, och dat wësst Der, dass mer d'Volontéit hunn, an dat ass och eng europäesch Politik, fir d'Industrie hei zu Lëtzebuerg op eng nohaltege Aart a Weis widerzeentwéckelen. Well ech sinn nach wie vor iwwerzeegt, dass mer Industrie an deem Land hei brauchen, dass mer net kënnen eng reng Serviceindustrie